

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

D'Facebook-Säit vu "LuXembourg - Let's make it happen" gëtt vum Bausseministère administréiert. Dat erkläert Zil vun dëser Facebook-Säit, wéi vun der neier Nation-Branding-Campagne allgemeng, ass et, eist Land wéi eng Mark ze promouvéieren. Wann ee sech déi rezent a manner rezent Posts op dëser Facebook-Säit ukuckt, drängt sech allerdéngs den Androck op, datt et heiansdo zu enger Vermëschung vun "Nation Branding" an der Promotioun vun enger politescher Agenda kënnt.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

- 1) Kann den Här Minister präziséieren, ob et am Bausseministère Richtlinne gëtt fir dat, wat op der Facebook-Säit vu "LuXembourg - Let's make it happen" geschriwwen dierf ginn, a wat net? Wa jo, wat sinn dat fir Richtlinnen?
- 2) Kann den Här Minister déi Organisatiounen an Associatiounen nennen, déi säit der neier Nation-Branding-Campagne am heefegsten op der Facebook-Säit vu "LuXembourg - Let's make it happen" gepost hunn? Gëtt et dozou Zuelematerial?
- 3) Si bei deene Persounen, déi op der Facebook-Säit vu "LuXembourg - Let's make it happen" posten, och Leit vun der Oppositioun vertrueden? Ass op där Facebook-Säit also wierklech „Diversitéit“ zougelooss oder posten do just Persounen an Organisatiounen, déi enger bestëmmter politescher Richtung ugehéieren respektiv Sympathien fir d'Regierungspolitik hunn?
- 4) Ziilt dës Facebook-Säit drop of, Mënschen op moraleschem Niveau unzesprieche? Ass den Här Minister also der Meenung, datt eng Nation-Branding-Säit eng moralesch Verpflichtung huet, am Géigesaz beispillsweis zu enger Firmewebsäit, déi reng kommerziell Ziler verfolgt?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser, Deputéierten

